

En huet hënt nees dervu gedreemt. En dreemt nach ëmmer dervun. Nët méi sou dacks, wéi am Ufank, wéi en a Pensioun gung. Du huet en nach all Nuecht dervu gedreemt. 'T geet em well gennee sou, wéi virun zwanzeg Joër, wéi en opgehale hat mat Fëmmen. Nach haut kënn et him vir, datt en dreemt, en hätt rëm dermatt ugefaang.

Ir en a Pensioun gung, war et all Nuecht do, oder bal all Nuecht: D'Telleren, d'Tasen, d'Schosselen an Vase sin op hien duer gerullt, en huet se mat den zéng Fangere geholl an an d'Këschte gepaakt. A wat en se méi séier agepaakt huet, wat d'Geschir méi séier aus dem Lach an der Mauer geschoss koum; aus der Hal iwwert d'Band, duurch d'Lach an der Mauer op séng Téik. Dann huet e séier eng getéitschten Tas geféscht, déi d'Fralait déisäit dem Lach iwwersinn haten, an s'an de backelitts Back gejummt. A wann et am Back bis gerabbelt hat, an en huet séier nees op d'Band gekuckt, da ware schon nees fofzeg Stéck do. An dann huet en de Schortgen an der Dir fir an d'Hal gesi ston, dee gejaut huet: „Geet et nët méi?!“

Wann en erwächt as, war e mëschtnaass an sou futti, wéi virdrunn owes, wann en sech em néng an d'Klapp gelaakt huet.

Da's alles well néng Jor riwwer, en huet d'Pensioun. Mä't as nach ëmmer do, wéinstens eng Kéier an der Woch. E gët dat nët lass; wéi dat mat den Zigretten deemools. Haut kann e leie bleiwen, mä schlofe kann en nët méi, wann en sou erwächt.

E steet uewen um Parzeläinstipp; um neien Deel, do wou se all Dag tippen. Deen alen Deel vum Tipp wüsst lues a lues zou. Se hu virun engem Joer Bueden drop getippt.

„Wat méchs de nëmmen all Dag op deem Tipp, bleif dach mat der Panz heihem“, seet de Benn. En huet dat de Mëtteg nach gesot, wéi en de Kaffi gedronk huet, a wéi hie schon d'Kap an de Mantel unhat. Séng Fra sot och ëmmer sou: „Bleif dach vun deem Tipp rof! 'T géif ee mengen, se hätten dech verhext! Dobëi hun se dech jhust beduppst, e Liewe laang! Géi no de Kanéngerchersställercher kucken, da's vill méi gescheit.“

D'Fra as zanter aacht Jor dout, se weess nët, datt en haut nët méi grad sou dacks heihinnerkënn, wéi am Ufank. Mä e kann et nët loossen. Wéinstens eemol an der Woch as en hei. 'T as méi staark wéi hien. An en huet jo och gutt Zäit, en huet näischt ze verlafen.

En hëlt eng hallef Jhatt an de Grapp. Se läit bestëmmt nach keng dräi Deeg hei, dat mierkt een direkt. Se huet guer kee Muster. D'Jhatten hate meeschtens kee Muster. Dach, am Ufank, an de Krichsjoren, du haten se mol wäiss Tëppelen op roudem Fong oder op bloëm. Oder Tasen, mat engem renge Stréch ronderëm. Dat konnt keen sou propper, wéi de Balthus, do war ni Ausschuss derbäi, jiddefalls nët, wéinst séngem Stréch. Se hun en rausgehäit. Wéinst Wirksspionnaasch, huet et geheescht.

AM RAD

'T war éiweg kal bei de Këschten. D'Paart stung de ganzen Dag op wéinst de Kamionetten. „Haalt wéinstens op mat Raachen“, huet den alen Dokter Roller all Kéier gesot, wann en et nees op der Broscht hat. Um Enn huet e gefollecht. Séng Fra war souwisou éiweg hannert em hir. E wonnert sech, datt en ni méi ugefaang huet, lo nodeems en d'Pensioun huet, a wou si dout as. Heinsdo géing e wiirklech gären eng uman, hannen am Gaart bei de Kanéngercher, a wann de Benn nët dorëmmer as.

De Benn as am Ausschuss. Hien huet eng steif, jiddefalls eng besser wéi hien eng hat. De Mëtteg huet e beim Kaffi gegrommelt: „Se hun nees zum Ausschuss gesot, et wir zevill Ausschuss“. „Bis an d'fofzeger Joren hate mer iwwerhaupt keen Ausschuss“, huet hie geäntwert, „deemools kruten d'Leit et direkt geblosen, a wann een e puer Deeg hannerenee Mëscht gemaach huet, an de Back mam Ausschuss mëttes ëm dräi schon iwvergelaf as, da wouste mer, 't flitt geschwënn rëm een.“

„T as haut och nach nët vill anescht“, sot de Benn, „den Akkord muss stëmmen.“

Virun der Dir stin d'Portugisen ze waarden“.

De Benn huet et gutt. En as op enger Maschinn, déi him d'Këschten afëllt an zoupecht. Dat gouf et virun zéng Jor nach nët.

E klëmmt vum Tipp rof. E Liewe laang huet en ëmmer geduecht, 't as dach eigentlech schued fir all di Schierbelen, 't misst een eppes kënnen dermatt ufänken.

E geet laanscht d'Schlass eropp. E war zweemol dobannen: Deemools, wéi se de Balthus rausgehäit hun, a spéider, wéi en di gëllen Auer krut. Wéi deen Alen him sot, hie wir ëmmer e getreien Aarbechter gewiescht, dee mat dem Betrib all Héichten an Déifte vum Liewe kenne geléiert hätt. 'T war ee vu séng schéinsten Deeg. En huet d'Auer haut nach. Heinsdo gesäit en deen Alen, wann dee mam Direktiounswon aus dem Schlass fiirt, a wann hie jhust vum Tipp kënn.

De Benn schwätzt nët vill. En huet jo och keng Ursach. En huet et gutt. An hie mécht him d'lessen an owes de Kaffi.

„Fir e Sonndeg schluechten ech eng Kanéngchen“. De Benn knat a wénkt „jo“ mam Kapp.

„Benn, weess du, wat „Recyclage“ as?“ De Benn hält op mat Knaën.

„Irgendeppes misst een dach mat deenen Tonne Schierbelen ufänke kënnen.“

De Benn kuckt hie riicht an d'Gesicht.

„Waars de nees um Tipp?“

Dobäi réiert de Benn a séngem Kaffi. Da seet en: „Du gëss wiirklech ni méi gutt!“
josy braun

